# Den Arthur fält duerch d’Welt

Eng Geschicht iwwer d’Recht,
sou ze sinn, wéi een ass



# Den Arthur fält duerch d'Welt

Eng Geschicht iwwer d'Recht, sou ze sinn, wéi een ass

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



Déif am Bësch, op enger décker aler Eech, huet den Arthur gelieft. Hie war net besonnesch kleng an net besonnesch grouss. Hie war weeder déck, nach dënn, säi Schniewel war net ze kuerz an net ze laang, a seng ronn An hu knallgiel geliicht, genee esou wéi sech dat fir eng Eil gehéiert. Seng Fluchvitesse war duerchschnëttlech, seng Flilleken normal staark, seng Fiedere mëttelbrong a seng Ouere spatz, mee net ze spatz.

**Eng ganz banal Bëscheil, sot der?**

**Ganz a guer net! Den Arthur war alles anescht wéi hondsgewéinlech …**

Den Arthur huet nämlech näischt léiwer gemaach, wéi ze sangen. All seng Liiblingssongs, vu Klassik bis Pop iwwert Rap oder och seng eege Lidder, huet hie vu moies bis owes zum Beschte ginn. A wat huet hie gär gedanzt! Sech gerëselt, gedréit, mat de Flilleke geflattert, de Kapp wëll hin- an hierbeweegt, bis et him dronke gouf. A well hie fonnt huet, datt een als Kënschtler och e passende Kostüm brauch, huet en sech e faarwegt Fiederkleed zesummegeschoustert.





Net jidderengem am Bësch huet dat gefall.

**„Dat Gehauls a Gehops wäert him schonn nach vergoen“,** huet d’Kaweechelche Jacqueline gemengt.



D'Elster Monique huet rosen de Kapp geräselt. **„Deen huet en Eck ewech!“**, huet et gemault. Anerer, d'Wëllschwäin, den Igel Misch an de Wuerm Nello, woussten net genee, wat se denke sollten.

Just e puer Déiere ware begeeschtert. D'Fräschen, de Carlos an d'Kiki, hu stonnelaang op dem Arthur seng Lidder gedanzt. An d'Maus Ginette huet gelaacht, bis et Bauchwéi krut.

**Awer deen allergréisste Fan, dem Arthur säin treiste Begleeder, dat war dee klenge roude Päiperlek, d'Lisi.**

**„Juppi, den Arthur huet en neit Lidd“**, huet hatt sech gefreet. **„An iwwercool Fiederen! Arthur, du bass mega!“** Vu Begeeschterung huet hatt Pirouetten a Saltoen an der Loft gemaach.

Mee da gouf et nach een, deen den Arthur absolut net leide konnt: de risegen, onheemlechen Albert. **„Ma schumms du dech net!“** Den Albert konnt mega béis kucken, a seng Stëmm war donnereg.

„Plënner dach mat denger blöder Zirkus-Show an de Weltall, du verréckten Dräibiz!“ Oder: „Deng grell Faarwe verblende mech, datt et wéi a mengen An deet.“ Wann den Albert den Arthur esou schlëmm vernannt huet, ass et ganz roueg am Bësch ginn. **Jiddereen huet den Albert gefaart.**

**Esou vill, datt keen sech getraut huet, dem Arthur d'Partie ze halen.**

**Am Géigendeel. D'Jacqueline sot, datt hie Recht hätt, d'Elster huet applaudéiert, an d'Wëllschwäin hu „Jo“ gewénkt. D'Maus huet de Kapp an de Buedem gestach an de Wuerm ass a sengem Lach verschwonnen.**

Just een eleng, d'Lisi, dee klenge, renge Päiperlek, hat de Courage z'äntweren:

**„Looss hien dach sinn, wéi hien ass!
Du bass net fair, Albert!“**

Den Albert war ausser sech.

„Waart, du mickreg Schickimickiméck, wann ech dech ze pake kréien! Da maachen ech Päiperleksmätsch aus dir. Freche Bëlles do!“

**Wat den Arthur dozou gesot huet, frot der iech?**




Den Arthur huet näischt gesot.

Hien war erféiert an hat Angscht.



Awer owes, wéi hie roueg um Bam souz, huet hien all säi Courage zesummegeholl an e Lidd geschriwwen.

„Mann!
Rosa, blo, knätschmof
Getëppelt, gesträift, moschtergiel!
Yay, ech sinn e crazy Dillendapp!
Mee weess de wat:
Ob ee séngt a päift
Ob een danzt a spréngt
Vu Faarwe glitzereg blénkt
Yay, ech sinn e crazy Dillendapp!
Net normal?!!
Papperlapapp!
Ech sinn ech.
Du bass du.
Du bass net ech.
An ech net du.
All anescht
All gläich
’t ass ok
Yo, sief net sou!
Gëff endlech Rou!“





**Wat den Albert d'Lidd méi dacks héieren huet, wat e méi queesch ginn ass.**

An enges Daags war hien esou schlëmm rosen, datt hien den Aascht, op deem dem Arthur grad frou mam Lisi op der Schëller gesongen huet, mat sengem décke Schniewel duerchgebass huet.




D'Fräschen hu schockéiert gequaakt, dem Jacqueline ass de Mond opstoe bliwwen, d'Elster huet mat de Flilleke geklappt, d'Maus huet de Kapp an de Buedem gestach, d'Wëllschwäin si séier fortgelaf, an de Wuerm huet sech verkroch.

**Den Albert huet haart gelaacht, wéi den Aascht, den Arthur an d'Lisi gefall sinn.** Op den haarde Buedem. Wou een normalerweis ophält ze falen. Awer den Arthur an d'Lisi net. Si sinn an e Lach gefall, dono an e laangen, schwaarzen Tunnel. Minuttelaang si si gerutscht a geflutscht ...

An esou engem krassen Tempo, datt si weeder schwätzen, kucken nach denke konnten. Wann een duerch d'Welt fält, ass dat normal.

Den Arthur an d'Lisi sinn nämlech, ob der et gleeft oder net, tatsächlech eemol riicht duerch déi ganz Welt gefall: déi eng Säit mëtte vum Bësch eran, an déi aner Säit, zack aus enger Toilette eraus, schwuppdiwupp duerch e Kamäin, **poulriicht an den Himmel, laanscht e puer erstaunte Kueben a Märelen, weider a weider, ...**







... bis se eenzock **rumsdibums**
an engem wattege Schaumkoup gelant sinn.

**„Do stauns de, gell? Mozzarella, mäin Numm!“**, huet eng Kaz mat just engem Ouer gemiaut, wéi den Arthur säi Kapp erausgestreckt huet.

**„Wëllkomm op der coolster Wollek ever!“**, sot e bloe Fësch mat grousse Flilleken.



**„Hallo, ech sinn d'Lucy, dat eenzegaartegt getëppelt Eenhar-Schwäin! An de Fësch, dat ass de Fly“**, gouf hie vun engem anere Wolleker begréisst.

Dem Arthur an dem Lisi, dat virsiichteg aus der Schaumbull geluusst huet, ass vu Staunen de Mond opstoe bliwwen.

**„Keng Angscht, dir zwee! Bei eis Wolleker ass jidderee wëllkomm!“,** huet eng gewéinlech gro Rat, déi sech als Lilith virgestallt huet, gesot.

**„Mee wéi sidd dir eigentlech heihi komm?“**, huet de Fly virwëtzeg gefrot.

Elo hunn den Arthur an d'Lisi hir Geschicht erzielt.

**„Ojee, et ass iech also ergaange wéi deene meeschte vun eis“**, huet d'Lucy gemengt. **„Zu mir soten se ëmmer, datt et guer keng Eenhar-Schwäi gëtt. Dofir wollten si mech net bei sech.“**





**„An zu mir, datt ech keng Flilleken däerf hunn“**, sot de Fly.

**„Ech wollt eng Maus bestueden, dunn hunn se mech verjot“**, huet d'Rat traureg erzielt.

**„Mech hunn se elle fonnt“**, huet d'Kaz gemiaut.

**„An ech fanne Kaze cool. E Skandal!“**, huet e mofe Spatz sech opgereegt.

**„Ech wollt just ech sinn“**, huet den Arthur geklot.

**„Mee dat war net ok.“**

D’Wolleker hunn hien an d’Lisi, dat traureg geschnoffelt huet, getréischt.

**„Bei eis ka jidderee sinn, wat e wëll a wéi e wëll. Kuck, mir sinn all anescht. Mee all Eenzelen ass megacool!“**, huet d’Kaz verséchert.

Den Arthur an d’Lisi ware frou, datt si do bleiwen duerften. Hei huet keen sech iwwert si opgereegt. Wann den Arthur gesongen huet, hunn déi aner matgesongen, a wann e gedanzt huet, hunn si matgedanzt. A vu senge faarwege Fiedere war jidderee begeeschtert.





Et war eng flott Zäit, an den Arthur hätt fir ëmmer kënnen op der Wollek wunnen. Wann do net op eemol dat komescht Gefill a sengem Häerz gewiescht wär.

All déi Biller vu sengem schéine Bësch a sengem Liblingsbam. Hien huet un d'Déiere geduecht. Un déi lëschteg Fräschen, Carlos a Kiki, un d'Maus Ginette, dat ëmmer gelaacht huet, un de scheie Wuerm Nello, de rouegen Igel Misch an un déi fäertereg Wëllschwäin. Hien huet esouguer d'Jacqueline an d'Monique e bësse vermësst. Oft hat den Arthur Tréinen an den An.

**„Du verlaangers!"**, huet d'Eenhar-Schwäi Lucy enges Moies deklaréiert.

**„Ech wëll dach just sinn, wéi ech sinn. Doheem, a mengem Bësch. Op mengem Bam. Bei den Déieren, déi ech kennen"**, huet den Arthur geschnoffelt.

**„An dee béisen Albert!? Gees du fräiwëlleg zréck!?"**, huet d'Lisi erféiert gequiikt. **„Ech hunn Angscht!"**





**„Keng Suerg!“**, huet d’Mozzarella si berouegt.
**„Dir sidd net eleng. Mir gi mat!“**
**„Awer als éischt preparéiere mir eis!“**, huet d’Lilith ugekënnegt.

Et goufe Plakater gemoolt. Trillerpäife gebastelt. T-Shirte besprayt. Kape gebitzt.




An all zesummen hunn se dem Arthur säin **„Ech sinn Ech“**-Song astudéiert.





Wéi se prett waren, huet d'Mozzarella den Uerder ginn.

An zack ass d'Wollek mat all de Wolleker aus dem Himmel duerch de Kamäin an eng Toilette geplumpst an dono stonnelaang duerch déi ganz Welt gejot, bis op déi aner Säit, wou se aus dem Lach eraus matzen am Arthur sengem Bam gelant ass.

All mateneen hunn se am Wollekebam ugefaangen ze sangen.

**All zesummen hunn se d'Plakater erausgeholl.**
Op deene stoung:

Ech sinn ech.

**Toleranz!**

**We love Arthur!**

Respekt!



Den Albert ass vu Roserei bal geplatzt.
Hien huet gejaut a kregéilt. Wéi e gemierkt huet, datt och all d'Bëschdéieren d'Lidd matgesongen hunn, ass e getouft senger Wee gaangen.

D’Fräschen, d’Maus an de Wuerm hu vu Freed gedanzt. Fir d’éischte Kéier hunn sech och d’Wëllschwäin hannert der Heck erausgetraut. Dem Igel Misch seng Picken hu gefonkelt, a souguer d’Jacqueline huet erliichtert ausgesinn. **„Ech wollt net, datt dat geschitt. Ouni dech war et megalangweileg. Et deet mer leed, datt ech esou eekleg war“**, huet d’Elster Monique sech entschëllegt.




**„Mir haten einfach net de Courage, dir d’Partie ze halen“**, huet ee vun de Wëllschwäin zouginn. **„Dat war net richteg. Ab elo maache mir dat besser.“**

An den Arthur?

Dee war glécklech, datt hien nees doheem war an do weider sangen an danze konnt, wou hien dat am léifste gemaach huet.



**Dëst Buch ass an Zesummenaarbecht mam Anja di Bartolomeo a Giulia Helminger fir den internationale Kannerrechtsdag 2023 entstanen.**




Den Arthur ass eng liewensfrou Eil. Leider fënnt net all Déier am Bësch et gutt, datt den Arthur sou ass, wéi hien ass. Mee den Arthur stéiert sech net dorun – bis enges Daags een Déier den Arthur ugräift …

D'Geschicht vum Arthur handelt dervun, datt ee seng Plaz an der Welt fënnt a keng Angscht brauch ze hunn, gemobbt ze ginn. Et geet an der Geschicht ëm Mutt, Frëndschaft a Respekt an dorëms, wéi ee fir sech a seng Frënn asteet.

Wéi den Arthur hues och du deng eege Perséinlechkeet, déi et gëllt, ze schützen, ze ënnerstëtzen an ze fërderen. A wéi den Arthur däerfs och du sou sinn, wéi s du bass, dech wuel fillen an déi aner mat denge Stäerkten iwwerraschen. Doranner gëss du ënnerstëtzt.

Well all Mënschen hu Rechter – och du! Du hues souguer speziell Kannerrechter!

D'Kannerrechter stinn an der Kannerrechtskonventioun vun der UNO. Bal all Land vun der Welt huet versprach, dës Kannerrechter anzehalen. Och Lëtzebuerg! Do geet et ëm d'Recht op Schoul, Schutz, Fräizäit, propper Ëmwelt an ëm d'Recht, seng Meenung ze soen.

Fir deng Rechter kënnen ze liewen, muss du se natierlech fir d'éischt kennen. Kuck mol mat dengen Elteren hei eran:

Lëtzebuerg huet en Aktiounsplang mat iwwer 60 Aktiounen, déi all sollen hëllefen, deng Rechter ze schützen:

Verschidde Kanner erliewen, datt hir Rechter net agehal oder geschützt ginn, oder sinn an enger Situatioun, wou en aneren hinne wëll wéi doen. Wann s du oder een, deen s du kenns, an esou enger Situatioun ass, da schwätz onbedéngt mat enger Persoun, där s du vertraus. Du kanns och no Hëllef froe bei de Servicer, déi extra fir Kanner do sinn:

**Kanner- a Jugendtelefon:**
www.kjt.lu / Tel: 116 111

**Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher:**
www.okaju.lu / Tel: 26 12 31 24

**Office national de l'enfance:**
www.officenationalenfance.lu / Tel: 8002-9393

# Den **Arthur** fält duerch d'Welt

Eng Geschicht iwwer d'Recht, sou ze sinn, wéi een ass

Text vum Anja di Bartolomeo
Zeechnunge vum Giulia Helminger

© Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Oktober 2023

ISBN: 978-2-49673-305-1

Layout: Service presse et communication

www.men.lu

FRANSÉISCH / ENGLESCH VERSIOUN

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse